



GEMENG  
BIEKERECH

N°270 - MAI 2025



INFOBLAT VUN DER BIEKERECHER GEMENG - BULLETIN COMMUNAL DE LA COMMUNE DE BECKERICH



D'SU  
EBEL

# NUMÉROS UTILES



GEMENG  
**BIEKERECH**

## RÉCEPTION - POPULATION

info@beckerich.lu | T. 26 669-100

### NOTHUM Lynn

lynn.nothum@beckerich.lu  
T. 26 669-100

## ÉTAT CIVIL - POPULATION

### BETZEN Viviane

viviane.betzen@beckerich.lu  
T. 26 669-105

## FACTURATION - POPULATION

### BREVER Chantal

chantal.brever@beckerich.lu  
T. 26 669-104

## SECRÉTARIAT

**KELLEN Martine**, secrétaire  
martine.kellen@beckerich.lu  
T. 26 669-102

### HOFFMANN Philippe

philippe.hoffmann@beckerich.lu  
T. 26 669-101

## RECETTE

**THILL Natalie**, receveur  
natalie.thill@beckerich.lu  
T. 26 669-130

## SERVICE TECHNIQUE

**REDING Flore**, ingénieur technicien  
flore.reding@beckerich.lu  
T. 26 669-151

**JAEGER Patrick**, ingénieur technicien  
patrick.jaeger@beckerich.lu  
T. 26 669-150

**DE OLIVEIRA Rafael**, technicien  
rafael.deoliveira@beckerich.lu  
T. 26 669-152

**CANDELAS Maria**, architecte  
maria.candelas@beckerich.lu  
T. 26 669-605

## ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich  
Tél. : 26 669-100 • E-mail : info@beckerich.lu  
www.beckerich.lu

Les bureaux sont ouverts :

lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

## ATELIER

atelier@beckerich.lu  
T. 26 669-220

## RENSEIGNEMENTS SALLES

**JACOBY Patrick**  
patrick.jacoby@beckerich.lu  
T. 26 669-201

## RÉSEAU DE CHALEUR ET EAU

**JACOBY Gilles**  
gilles.jacoby@beckerich.lu  
T. 26 669-202

## PERMANENCE ÉCOLES

**SCHOLTES Claude**  
T. 691 721 436

## MAISON RELAIS - DILLENDAPP

mrelias@beckerich.lu  
**BRAUN Olivier** Chargé de direction T. 26 669-401  
**CAILTEUX Cindy** Adjointe à la direction T. 26 669-402

## POMPIERS (CIS BECKERICH)

cisbec@cgdis.lu

## HALL SPORTIF

sportshal@beckerich.lu  
T. 26 669-300

## ASSISTANTE SOCIALE

**DIAS Sandra**  
T. 26 62 10 55-1

## GARDE FORESTIER

**HOLLERICH Thierry**  
T. 621 202 184

## CENTRE MÉDICAL REDANGE/ATTERT

T. 23 62 42-1



## PERMANENCE DÉPANNAGE

**T. 26 66 9-200**

D'SUEBELMOUK  
MAI 2025 / N° 270



Responsables d'édition : Thierry LAGODA, bourgmestre  
Claude LOUTSCH, échevin  
Patrick WAMPACH, échevin

suebelmouk@beckerich.lu

# INDEX



## EDITORIAL

P.04

## GEMENG/ KOMMUNIKATIOUNEN

P.06

## DILLENDAPP & SCHOUL

P.19

## S.I. RÉIDENER KANTON

P.20

## ALLGEMENG INFO

P.24

## KULTUR

P.30

## MANIFESTATIOUNS- KALENNER

P.40



d'Suebelmouk  
Online

# EDITORIAL



Thomas Urbany / Oekostroum

## Wandkraaftanlag zu Biekerech

### Spektakulären Transport vun de Rotorblieder

An der leschter Editioun vun der Suebelmouk war d'Wandkraaftanlag schonn eemol Thema. Och an dëser Editioun kommen ech nach eng Kéier drop zréck.

Den Donneschden, de 17. Abrëll hat d'Gemeng op Biekerech bei de Centre Culturel invitierert fir de beandrockenden Transport vum éischten vun den 3 Rotorblieder mat ze verfollegen. Den Interessi war grouss an eng ronn 300 Leit konnten de Passage vum Flillek géint 12:15 mat erliewen. Op Säit 6 fann Dir eng Partie Fotoe vun dësem spektakulären Evenement.

Mat enger Längt vu ronn 68 m gouf d'Rotorblat op méi Plazen um Trajet an eng vertikal Positioun bruecht fir d'Kéieren am Schrëtttempo mam Bladelifter kënnen ze huelen. Dobäi gouf dëst ongewéinlecht Transportgefier mat de 25 Tonne Laascht komplett iwwert eng Telecommande gesteiert. Virun allem fir de Kuelebierg erop gouf et téschent 2 Mauer enk.

De ganze Schwéiertransport gouf vun der Police vun Uewerpallen bis erop op de Bierg zu Biekerech begleet, dëst ouni Tëschefäll. Och de medialen Interessi war grouss, sou datt RTL an och Nordliicht TV de ganzen Transport begleet hunn.

Den Transport vun den 2 anere Rotorblieder huet den 22. respektiv den 23. Abrëll stattfonnt. D'Generatrice an d'Nacelle sinn Enn Abrëll op de Bierg transportéiert ginn. Duerno geet et dann un de Montage vun den eenzelnen Elementer.

Oekostroum Biekerech zesumme mat der Gemeng, invitierieren den 3. Mee ab 11:00 Auer op eng Porte Ouverte uewen um Site vun der Wandmillen. Fir lessen a Gedréngs ass gesuergt an och eng Animatioun fir Kanner ass geplant. D'Experte si mat op der Plaz fir lech weider Informatiounen zur Wandanlag ze ginn. Op der Säit 10 vun dëser Editioun fann Dir de komplette Programm vun der Porte Ouverte.

Merci all den interesséierte Biergerinnen a Bierger fir hir Präsenz de 17. Abrëll bei dësem eemolegen Erliefnis an natierlech och ee grousse Merci un d'Amicale vun de Pompjeeë Gemeng Biekerech fir d'Gedréngs an d'Gegrills an de Schuecherdauler Fraleit fir déi selwer gebake Kuchen.

Mir gesinn eis dann den 3. Mee zu Biekerech op der Porte Ouverte.

**Thierry LAGODA**

Buergermeeschter vun der Gemeng Biekerech



Thomas Urban / Oekostroum

## Installation éolienne à Beckerich

### Transport spectaculaire des pales de rotor

Dans la dernière édition du Suebelmouk, l'installation éolienne avait déjà été abordée. Dans cette édition-ci, je souhaite y revenir une nouvelle fois.

Le jeudi 17 avril, la commune avait invité au Centre Culturel de Beckerich pour assister au transport impressionnant de la première des trois pales de rotor. L'intérêt était grand, et environ 300 personnes ont pu suivre le passage de la pale vers 12h15. Dans cette édition, vous trouverez une série de photos de cet événement spectaculaire.

Mesurant environ 68 mètres de long, la pale a dû être placée en position verticale à plusieurs endroits le long du trajet, afin de pouvoir négocier les virages au pas grâce au bladelifter. Ce véhicule de transport inhabituel, chargé de 25 tonnes, était entièrement télécommandé. La montée vers le Kuelebierg fut particulièrement étroite, entre deux murs.

Tout le convoi exceptionnel a été escorté par la police depuis Oberpallen jusqu'au sommet de la colline à Beckerich, et ce, sans incident. L'intérêt médiatique était également important, si bien que RTL et Nordliicht TV ont couvert l'ensemble du transport.

Le transport des deux autres pales de rotor a eu lieu les 22 et 23 avril. La génératrice et la nacelle ont été acheminées à la fin du mois d'avril. Ensuite viendra l'assemblage des différents éléments.

Oekostroum Biekerech, en collaboration avec la

commune, vous invite le 3 mai à partir de 11h00 à une journée portes ouvertes sur le site de l'éolienne. Un service de restauration et de boissons sera assuré, et des animations pour enfants sont également prévues. Des experts seront présents sur place pour vous fournir plus d'informations sur l'installation éolienne. Vous trouverez le programme complet de la journée portes ouvertes à la page 10 de cette édition.

Merci à toutes les citoyennes et tous les citoyens présents le 17 avril pour ce moment unique. Un grand merci également à l'Amicale des Pompiers de la commune de Beckerich pour les boissons et les grillades, ainsi qu'aux Schweecherdauler Fraleit pour leurs gâteaux faits maison.

Nous nous retrouvons donc le 3 mai à Beckerich pour la journée portes ouvertes !

**Thierry LAGODA**

Bourgmestre de la commune de Beckerich



Fotoen/Photos: 1-3 + 6-8 Thomas Urbany / Oekostrom - Fotoen/Photos: 4+5 Gemeng Biekerech

# ENERGIEGEMEINSCHAFT BIEKERECH

## RÉUNION D'INFORMATION DU 3 AVRIL



Den 3. Abrëll hat d'Gemeng Biekerech, zesumme mat der Kooperativ Energy Revolt, op eng Informatiounsversammlung ageluede mam Thema Notzung vu lokal produzéierter Energie.

Mat der neier Wandkraftanlag, déi um Bierg zu Biekerech entsteet, sollen eis Biergerinnen a Bierger direkt vum lokal produzéierte Stroum profitéiere kënnen. Dëst gëtt méiglech gemaach iwwert d'Grënnung vun enger Energiegemeinschaft, wou de Produzent an de Konsument méi no bruecht ginn. Niewent der Wandmillen, ginn awer och op Demande Photovoltaikanlagen vu Kooperativen oder vu private Leit mat an d'Gemeinschaft integréiert.

De Virdeel fir de Konsument ass, datt de Stroumpräis soll stabil bleiwen, onofhängeg vu globale Krisen. De selwechte Virdeel huet de Produzent, dee fir sâi produzéierte Stroum ee fixe Präis kritt.

D'Thema vun der Energiegemeinschaft hat groussen Uklang bei eise Biergerinnen a Bierger fonnt, wat de volle Sall vun der Millescheier Kloer gewisen huet. D'Präsentatioun vun deem Owend fann Dir, fir weider Informatiounen, op eisem Internetsite.

Le 3 avril, la commune de Beckerich, en collaboration avec la coopérative Energy Revolt, a organisé une réunion d'information sur le thème de l'utilisation de l'énergie produite localement.

Avec la nouvelle installation éolienne en cours de construction sur la colline de Beckerich, les citoyennes et citoyens devraient pouvoir bénéficier directement de l'électricité produite localement. Cela sera rendu possible grâce à la création d'une communauté énergétique, rapprochant producteurs et consommateurs. En plus de l'éolienne, des installations photovoltaïques – qu'elles soient portées par des coopératives ou des particuliers – seront également intégrées à la communauté, sur demande.

L'avantage pour le consommateur est un prix de l'électricité stable, indépendant des crises globales. Le producteur, quant à lui, bénéficie d'un prix fixe pour l'énergie qu'il fournit.

Le sujet de la communauté énergétique a suscité un grand intérêt parmi les citoyennes et citoyens, comme l'a clairement montré la salle comble de la Millescheier. La présentation de cette soirée est disponible sur notre site internet pour toute personne souhaitant obtenir plus d'informations.



Fotoen/Photos: Martin Gillet



# ENERGIE- GEMEINSCHAFT BIEKERECH

Gitt Deel vun enger energiegeluedener Zukunft!

- + Wandstroum vun der Biekerecher Wandmille selwer doheem notzen.
- + Solarstroum mat den Noperen deelen.

## D'Ziler vun der Energiegemeinschaft Biekerech

- + Zugang zu lokalem Wandstroum fir Jiddereen (privat, öffentlech, gewerblech).
- + Erhéijung vum Undeel un erneierbarer Energie déi an Echzäit verbraucht gëtt.
- + Stabilen an interessanten Tarif iwwer een neie wirtschaftleche Modell.

D'Gemeng Biekerech setzt op d'Zukunft vu lokal produzéierter Energie!

[www.e-community.lu](http://www.e-community.lu)



# COMMUNAUTÉ ÉNERGÉTIQUE BECKERICH

Devenez acteur d'un avenir chargé d'énergie !

- ⊕ Utiliser l'électricité éolienne pour sa propre consommation.
- ⊕ Partager l'électricité solaire avec ses voisins.

## Les objectifs de la communauté énergétique Beckerich

- ⊕ Accès à l'électricité éolienne pour tous les consommateurs (particuliers, publics, professionnels).
- ⊕ Augmentation de la part des énergies renouvelables dans la consommation en temps réel.
- ⊕ Tarif intéressant et stable via un nouveau modèle économique.

La commune de Beckerich mise sur l'avenir de l'énergie produite localement !

[www.e-community.lu](http://www.e-community.lu)



## INVITATIOUN

**3.5.2025**

**11h-16h**

# **PORTE OUVERTES WANDRAD BIEKERECH**

## **WANDRAD AM OPBAU**

**OekoStroum Biekerech** freet sech, lech d'Wandrad am Opbau an de Projet **Energiegemeinschaft Biekerech** virzestellen, deen et erlaabt, de Stroum vum Wandrad selwer doheem notzen ze kënnen.

Bei där Geleeënheet kënnt Dir lech d'Elementer vum Wandrad um Buedem ukucken a méi Explikatiounen vun onsen Experten kréien.

Mir freeën ons op lech a ginn lech Rendez-vous bei dem Wandrad.

### **Programm**

**11h**

Begréissung & Wëllkommensspatt

**12h**

Gegrills organiséiert vun der Amicale Vun de Pompjeeën Vum Centre d'Incendie et de Secours Vun Biekerech Asbl

**11h-16h**

Ateliere fir Kanner

Ausstellung & Stänn ronderëm d'Wandrad

Explikatiounen vun OekoStroum & Energiegemeinschaft Biekerech

### **Coordinées GPS**

49°43'24.8"N - 5°52'24.5"E

### **Parking**

Um Kuelebierg virum Chantier



GEMENG  
**BIEKERECH**



**ENERGY  
REVOLT**  
SOCIETE COOPÉRATIVE

**OEKOSTROUM**  
BIEKERECH

## INVITATION

3.5.2025

11h-16h

# JOURNEE PORTES OUVERTES **WANDRAD BIEKERECH**

## CONSTRUCTION EOLIENNE

**OekoStroum Biekerech** a le grand plaisir de vous présenter l'éolienne en construction et le projet **Energiegemeinschaft Biekerech**, qui permettra d'utiliser chez vous l'électricité produite par l'éolienne.

Vous aurez aussi la possibilité de découvrir les différents éléments de l'éolienne au sol avant le montage et d'avoir des explications de spécialistes.

Nous nous réjouissons de vous voir nombreux.  
Rendez-vous au pied de l'éolienne.



### Programme

**11h**

Accueil et verre de bienvenue

**12h**

Grillades organisées par l'Amicale Vun de Pompjeeën Vum Centre d'Incendie et de Secours Vun Biekerech Asbl

**11h-16h**

Ateliers pour les enfants

Exposition &amp; stands autour de l'éolienne

Explications par OekoStroum &amp; Energiegemeinschaft Biekerech

### Coordonnées GPS

49°43'24.8"N - 5°52'24.5"E

### Parking

Kuelebierg devant le chantier

# 29.03.25 OUVERTURE SKATEPARK



Ministère des Sports

## Neie Skatepark zu Biekerech offiziell agewéit

Den 29. Mäerz war et esou wäit: No Méint voller Virbereedung a Planungsaarbecht konnt de neie Skatepark zu Biekerech an engem feierleche Kader agewéit ginn. Dësen Dag stoung ganz am Zeeche vum Sport, der Jugend an dem Zesummenhalt an eiser Gemeng.

Bei stralendem Sonneschäin an héichfréijoersleche Temperaturen hat de Wanter endlech Plaz gemaach fir eng richteg Fréijoersstëmmung – ideal Konditiounen also fir eng flott Aweiungsfeier. Vill Leit aus der Gemeng an och aus dem Émfeld ware komm, fir dëse Moment matz'erliewen. Eis Gemeng hat d'Éier, och de Sportminister Georges Mischo op dësem wichteg Rendez-vous ze begréissen.

D'Traditioun vum Skaten zu Biekerech geet schonn zréck bis virun 2003, wou eng éischt Ramp aus Holz opgestallt gouf. 2013 gouf dës duerch eng modern Betonsstruktur ersat. Am Kader vum Schoulcampus-Projet gouf de Park 2022 ofgebaut a kрут elo sain neit Doheem hannert der Sportshal.

Besonnesch schéin ass, dass vill vun den ale Module erhale konnten a mat neien Elementer kombinéiert goufen – ganz am Senn vun der Nohaltegeet an der zirkulärer Bauweis. Zesumme mat der Lëtzebuerger Skatefederatioun (LSF) gouf en neien, ufängerfréndleche Parcours entwéckelt, dee fir all Niveau eppes ze bidden huet.

D'Gesamtinvestitioun fir de Projet läit bei iwwer 323.000 €, wouvu 35 % duerch de Ministère fir Sport matfinanzéiert goufen.

Nieft der sportlecher Aktivitéit gouf och fir Animation a gudde Maufel gesuergt: Foodtrucke, Skate- a Graffiti-Workshops hu fir eng super Ambiance gesuergt.

Als President vun der Sport- a Jugendkommissioun wëll ech de Moment notzen, fir all de Memberen aus eiser Kommissioun en häerzleche Merci auszesprechen. Hiren Asaz an d'Zesummenaarbecht hu vill dozou bäägedroen, dass dësen Dag e richteg Volltreffer gouf – fir eis Jonk, awer och fir déi Jonk-vu-Gëschter.

## Inauguration du nouveau skatepark de Beckerich : une journée ensoleillée placée sous le signe de la jeunesse et du sport

Le samedi 29 mars 2025, sous un ciel radieux, la commune de Beckerich a célébré l'inauguration officielle de son tout nouveau skatepark, situé derrière le hall sportif. Ce projet, attendu avec impatience par de nombreux jeunes de la commune et des environs, a été réalisé en collaboration avec la Fédération Luxembourgeoise de Skate (LSF) pour offrir un parcours accessible à tous les niveaux.

L'événement a attiré une foule nombreuse, venue profiter des animations proposées : foodtrucks, ateliers de skate et de graffiti ont rythmé la journée, créant une ambiance festive et conviviale.

Ce skatepark s'inscrit dans la continuité d'une tradition locale du skate à Beckerich, remontant à l'époque où une première rampe en bois avait été installée avant 2003. En 2013, une piste en béton avait vu le jour à côté du hall sportif. Avec les travaux du campus scolaire en 2022, le skatepark a été déplacé derrière le hall, conservant une grande partie des anciens modules, complétés par de nouveaux éléments, dans une démarche de durabilité et d'économie circulaire.

Le coût total du projet s'élève à plus de 323 000 €, avec une contribution de 35 % du ministère des Sports.

En tant que président de la Commission des Sports et de la Jeunesse, je tiens à remercier chaleureusement tous les membres de la commission pour leur engagement et leur travail, qui ont grandement contribué à la réussite de cette journée mémorable.

### Jean Marie Kuborn

Président vun der Biekerecher Jugend- a Sport Kommissioun

Président de la Commission de la Jeunesse et des Sports de Beckerich

# SPORTLERÉIERUNG 2025

## HONORATION DES SPORTIFS MÉRITANTS

am Kader vun de Festivitéiten vun Nationalfeierdag  
den 21. Juni 2025 op der Biekerecher Millen.

*dans le cadre des festivités de la fête nationale, le 21 juin 2025  
au Moulin de Beckerich.*



D'Sportsveräiner si gebieden der Gemeng souwuel d'Ekippe wéi och déi eenzel Sportler matzedeelen (per Courier oder per E-mail : [info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu) ), déi am Laf vun der leschter Saison (2023/24) een nationalen Titel an enger offizieller nationaler oder internationaler Competitioun gewonnen hunn, respektiv aus enger Divisioun opgestige sinn.

Och **individuell Sportler**, déi an der Gemeng Biekerech wunnen, awer hirem Sport bei engem Veräin aus enger anerer Gemeng noginn, kennen hir Referenzen erareechen.

Umeldungsfrist : **21. Mee 2025**

*Les clubs sportifs* sont priés d'annoncer à la commune (par courrier ou par e-mail : [info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu)) tant les équipes que les sportifs individuels qui ont remporté un titre national dans une compétition officielle nationale ou internationale au cours de la dernière saison (2023/24) ou qui ont accédé à une division supérieure.

*Les sportifs individuels* qui résident dans la commune de Beckerich mais qui pratiquent leur sport dans un club d'une autre commune peuvent également envoyer leurs références.

Date limite d'inscription : **21 mai 2025**

**Numm, Virnumm**

*Nom, Prénom*

**Adress**

*Adresse*

**Club (mat Sëtz)**

*Club (avec siège)*

**Telefon**

*Téléphone*

**Resultat / sportlechen Exploit**

*Résultat / Exploit sportif*



**Datum**

*Date*

**Ënnerschrëft**

*Signature*

Mat dëser Ënnerschrëft ginn ech explizitt der Gemeng Biekerech mäin Averstndnis Donnéeën vun dësem Formular ze notzen an dës Donnéeën un déi Persoune weiderzegginn, déi se brauche fir se ze bearbechten. Weider Informatioune kënnen an der Deklaratioun fir d'Protektioun vun de privaten Donnéeën nogelies ginn.

*Par la présente signature je donne explicitement l'autorisation à la commune de Beckerich d'utiliser les données du présent formulaire dans le cadre de cette demande et de transmettre ces données à des sous-traitants en fonction des besoins. De plus amples informations peuvent être consultées dans la déclaration sur la protection des données privées.*

# KLEEDERSAMMLUNG

# COLLECTE DE VIEUX VÊTEMENTS



AIDE AUX ENFANTS HANDICAPÉS ET DÉFAVORISÉS DE LUXEMBOURG

B.P. 41 – L-4501 Differdange Email: [info@aehdl.lu](mailto:info@aehdl.lu) – Tél.: 621 666 554 / 621 811 222

**15.05.2025**

## BECKERICH

Elvange - Hovelange - Huttange - Levelange - Noerdange - Oberpallen - Schweich

KLEEDERSAMMLUNG  
VUN ALEN KLEEDER,  
SCHONG AN  
ANER TEXTILIELEN  
fir den gudden Zweck

Är Tuten eréischt den Dag  
selwer virun 8 Auer  
op den Trottoir erausstellen

Ab 8 Auer sinn d'Equippen vun der  
Gemeng énnerwee fir d'Sammlung

Merci fir är Hëllef

COLLECTE  
DE VIEUX VÊTEMENTS,  
SOULIERS ET  
AUTRES TEXTILES  
pour la bonne cause

Prière de déposer vos sacs  
le jour-même avant 8 heures  
sur le trottoir

À partir de 8 heures des équipes de votre  
commune font le ramassage

Merci pour votre aide

COLLECTION  
OF OLD CLOTHES,  
SHOES AND  
OTHER TEXTILES  
for a good cause

Please leave your bags  
the same day before 8 am  
on the sidewalk


Teams from your municipality will pass  
from 8 am to pick-up the bags

Thank you for your help

**100 % RE-USED and RECYCLED - Zero waste - Respect for our Planet**

Vous pouvez également déposer toute l'année vos vêtements et souliers dans nos  
**containers blancs** près de chez vous - voir la liste de nos containers sur notre site [www.aehdl.lu](http://www.aehdl.lu)





# GEMEINSCHAFTSGAART

## JARDIN COMMUNAUTAIRE

### 8 fräi Parzellen am Gemeinschaftsgaart

Déi sonneg Saison steet virun der Dier: déi perfekten Zäit fir e puer flott Momenter am Gaart ze verbréngen.

De Projet vum Gemeinschaftsgaart dee virun e puer Joer an d'Liewe geruff ginn ass, besteet doran, deene Leit déi eventuell keen eegene Gaart hunn oder nach méi Ubaufläch wëllen notzen, eng Chance ze ginn hir Passioun auszelielen.

Aktuell sinn 8 fräi Parzellen nieft der Sportshal direkt beim Gaart vun der Kooperativ „Vun der Atert“ ze kréien, déi ee selwer kultivéiere kann.

Interesséiert? Da fëllt de Formulaire hei drënner aus oder maacht dëst online um Site vun der Gemeng ännerter der Rubrik "Actualités".

**Opgepasst:** Dir sidd aktuell Locataire vun esou enger Parzell, sidd awer net méi aktiv, da sot der Gemeng Bescheed.

### 8 parcelles disponibles

La saison ensoleillée approche à grands pas - le moment idéal pour profiter de bons moments au jardin !

Lancé il y a quelques années, le projet de jardin communautaire vise à offrir une parcelle à celles et ceux qui n'ont pas de jardin personnel ou qui souhaitent disposer de plus d'espace pour cultiver leurs propres légumes et plantes.

Actuellement, 8 parcelles sont disponibles à côté de la salle de sport, à proximité du jardin de la coopérative "Vun der Atert", prêtes à être cultivées librement.

Intéressé(e) ? Remplissez le formulaire ci-dessous ou inscrivez-vous directement sur le site de la commune, rubrique Actualités.

**Important :** Si vous êtes déjà locataire d'une parcelle mais que vous ne l'utilisez plus, merci d'en informer la commune.

### Formulaire "GEMEINSCHAFTSGAART / JARDIN COMMUNAUTAIRE"

Jo, ech sinn interesséiert un enger fräier Parzell / Oui, je suis intéressé par une parcelle libre

Numm Nom:

Adress Adresse:



Telefon Téléphone:

E-Mail:



Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos données par les services de l'Administration communale dans le cadre de l'évaluation du sondage "jardin communautaire". Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables.

**nopesch**  
**la fête**  
**des**  
**voisins** **fest**

*Freideg, de 23. Mee 2025*  
Vendredi 23 mai 2025

[nopeschfest.lu](http://nopeschfest.lu) [Follow us](#)



Association Luxembourgeoise  
des Solidarités de Proximité a.s.b.l.

**Zësümmë**  
**liéwen**



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Famille, des Solidarités,  
du Vivre ensemble et de l'Accueil



**SYVICOL**  
Syndicat des Villes et  
Communes Luxembourgeoises

# Freides, de 23. Mee Feiert mat Äre Noperen!

## Firwat e Nopeschfest?

Seng Noperen ze invitéeieren verbessert de sozialen Zesummenhalt, d'Gesellegkeet an d'Solidaritéit am Quartier oder am Duerf. Dat ass de Sënn an Zweck vum Europäesche Fest vun de Noperen, dat dëst Joer Freides de 23. Mee stattfënnt. Mat den éische Schratt a stellt lech bei de Nopere vir, déi Dir nach net kennt.

## Wien organiséiert d'Nopeschfest ?

Dir, andeems der Är Noperen invitéeiert.

## Wou soll d'Nopeschfest stattfannen ?

Am Haff oder an der Entrée, am Gaart oder an engem Appartement, op enger öffentlecher Platz, an engem Park oder einfach op der Strooss...

## Wéi soll d'Nopeschfest organiséiert ginn ?

- Kontaktéiert Är Gemeng fir Hëllef an Ënnerstëtzung bei den Invitatiounen, Flyer, Affichen, Reklamm-Baatschen, Bänken an Dëscher, Oofspäergitter, Ofsécherung vun der Strooss, ...)
- Lued d'Affiche, Flyeren an d'Invitatiounen erof op nopeschfest.lu .
- Hänkt Plakater op a verdeelt Invitatiounen mam Datum, der Auerzäit an der Plaza un Är Noperen.
- Organiséiert d'Fest zesumme mat deenen Noperen, déi der am Beschte kennt.
- Eenegt lech op eng Form fir d'Fest: en einfachen Aperitif, en Zallotebuffet, e Grillfest, en Dessertsconcours, .... Denkt och un d'Kanner!
- Jidderee kann hëllefen an eppes fir ze iessen oder ze drénke matbréngen.
- Denkt och un d'Dekoratioun an un d'Musek, mee respektéiert déi Noperen, déi net wëllen deelhuelen.

# Vendredi 23 mai Faîtes la fête avec vos voisins!

## Pourquoi une Fête des voisins?

Inviter ses voisins favorise la cohésion sociale, la convivialité et la solidarité dans le quartier ou village. Voilà le but de la Fête Européenne des Voisins, qui a lieu cette année le vendredi, 23 mai 2025. Faîtes le premier pas et présentez-vous à vos voisins que vous ne connaissez pas encore.

## Qui organise la Fête des voisins ?

Vous, en invitant vos voisins.

## Où inviter vos voisins ?

Dans votre cour, le hall d'entrée, dans votre jardin ou votre appartement, sur une place publique, dans un parc ou simplement dans la rue ...

## Comment organiser la Fête des voisins?

- Contactez votre commune pour demander un support dans l'organisation de votre Fête des voisins. Elle pourra vous fournir des invitations, flyers, affiches, bâches publicitaires, bancs et tables de brasserie, barrières pour fermer et sécuriser la rue, ....).
- Téléchargez les affiches, flyers et invitations sur nopeschfest.lu.
- Collez des affiches et distribuez des invitations avec date, heure et lieu à vos voisins.
- Contactez vos voisins les plus proches, regroupez-vous et organisez la fête ensemble.
- Mettez-vous d'accord sur une formule: simple apéro, buffet de salades, barbecue, concours de dessert, ... Pensez aux enfants!
- Chacun peut contribuer et apporter quelque chose à boire ou à manger.
- Pensez aussi à la décoration et à la musique, en respectant les voisins qui ne désirent pas participer.

## Dir wëllt een Nopeschfest feieren a bräicht nach Zelter a Bänken ?

Kontaktéiert eis um T. 26 669 - 201 oder per Mail [patrick.jacoby@beckerich.lu](mailto:patrick.jacoby@beckerich.lu) a reservéiert d'Material. Och Flyeren an Invitatiounen kënnt dir bei der Gemeng ufoen: T.23 669-100 oder E. [info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu).

## Vous voulez organiser une fête des voisins et vous avez encore besoin de tentes et de bancs?

Contactez-nous au T. 26 669 - 201 ou par mail à [patrick.jacoby@beckerich.lu](mailto:patrick.jacoby@beckerich.lu) pour réserver le matériel.

Vous pouvez également demander des flyers et des invitations auprès de la commune :

T. 23 669 - 100 ou E. [info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu).

# MARIE BLANCHE THILMANY HUET HIREN 100. GEBUERTSDAG GEFEIERT

**Réiden/Atert:** Zénter August 2018 verbrëngt Marie Blanche Thilmany vun Uewerpallen hiren Liewenswend am Home pour personnes agées St. François zu Réiden/Atert, wou si sech och ganz wuel fillt. Et war och do, wou si hiren 100. Gebuertsdag am Kader vun enger schéiner Feier konnt feieren. D'Marie Blanche Thilmany gouf den 1. Abrëll 1925 zu Uewerpallen, als dat drëtt vun véier Meedercher vun der Famill Thilmany- De Maeyer gebuer. Hire Liewenswee huet si nom Krich op Bréissel gefouert ier d'Geburtsgaskand sech dono, an dat not Grenzgebitt zu Arel an Hondeleng niddergelooss huet. Am Joer 1957 huet d'Marie Blanche Thilmany sech mam Gustave Becker vu Nothomb bestuet, mat deem si dräi Kanner krut. Am Joer 1972 ass si dann zesummen mat hirer Famill zeréck an hir Heemecht op Uewerpallen gezunn an huet och do nach bis virun e puer Joer als Wittfra eleng gelieft. Hire Mann, Gustave Becker, fréieren Schmelzarbichter, huet seng léiw Fra, Marie Blanche schon 2005 am Alter vun 75 Joer missen verloossen. Haut ass d'Jubilarin stolt Groussmamm vun 8 Enkel- an Urgroussmamm vun 8 Urenkelkanner. Mat hiren 100 Liewensjoeren kann d'Marie Blanche Thilmany op ee laangt Liewen mat villen Erfahrungen zeréckkucken. Am Kader vun enger schéiner Geburtsdagsfeier, zesummen mat der Famill, war et den Home -Direkter Dany Oestreicher als éischten, den der Jubilarin zu hirem 100. Gebuertdags di allerbëscht Gléckwënsch am Numm vun der Direktioun mam ganzen Pflegepersonal mat alle Bewunner konnt iwerbrëngen. Och fir de Buergermeeschter Thierry Lagoda war et eng ganz besonnesch Eier a Freed perséinlich awer och am Numm vun der ganzer Gemeng Bieckerich dem Geburtsdagskand némmen dat Allerbëscht zu desem aussergewéinlichen Gebuertsdag ze wënschen mat der Hoffnung dat nach weider vill a gesond Joeren derbéi komme sollen. Di vill Blummen a Kadoen zu desem schéinen Festdag hun dem Marie Blanche Becker- Thilmany och ganz vill Freed gemach. Duerno ass zesummen mat der Famill uegestouss gin an och jiddeereen huet sech dat gut Stéck vum groussen Geburtsdagskuch och ganz gut schmaache gelooss. (CR)(Foto: Charles Reiser)



# KLOTERPARK BEIM DILLENDAPP

## NOUVEAU JEU D'ESCALADE



Nodeems virun 2 Joer déi grouss Dänne beim Dillendapp aus Sécherheetsgrénn hu misse geschnidde ginn, gouf decidéiert en Deel vum Stamm vun all Bam stoen ze loessen. Tëscht de Beem ass en neie Kloterpark entstan. Och eng Hängematt mat Sonneseegel kann elo vun de Kanner genotzt ginn.

Il y a deux ans, pour des raisons de sécurité, les grands sapins près du Dillendapp ont dû être abattus. Il a toutefois été décidé de laisser une partie du tronc de chaque arbre en place. Entre ces troncs, un nouveau parcours d'escalade a été aménagé. Les enfants peuvent désormais également profiter d'un hamac avec voile d'ombrage.

# BICHERBUS

## 2025

[www.bicherbus.lu](http://www.bicherbus.lu)

nächst Datumer prochaines dates:

- **02. Mee** mai
- **23. Mee** mai
- **13. Juni** juin
- **04. Juli** juin
- **25 Juli** juillet



Bei der Gemeng Biekerech vun 10:40 bis 11:30 Auer  
Près de la commune de Beckerich de 10:40h à 11:30h

# VËLO AM ATERTDAUL OUNI GRENZEN

## L'ATTERT À VÉLO SANS FRONTIÈRES

### 2. Editioun vum grenziwwerschreidende Vëlostour

#### 2<sup>è</sup> édition de la Balade transfrontalière belgo-luxembourgeoise

**Sonndes, 1. Juni 2025**  
**Dimanche 1<sup>er</sup> juin 2025**



#### Depart

- Fräien Depart: téscht 9:30 an 14:00.
- Gruppendepart: 10:00 Ell bei der Kiirch (Tour vun 20km oder 50km)



#### Tier

- 4 Strecken: 10 km / 20 km / 30 km / 50 km
- Net fir Coursevëloe géeegent
- Ouni Umeldung
- Gratis



#### Animatioun

- Gedréunks- a lessstand beim Depart zu Ell



#### Méi Informatiounen

- [kanton-reiden.lu/velo](http://kanton-reiden.lu/velo) – [mobilite@kanton-reiden.lu](mailto:mobilite@kanton-reiden.lu)  
 Tel. + 352 28 33 40 40
- [attert-tourisme.be](http://attert-tourisme.be) – [info@attert-tourisme.be](mailto:info@attert-tourisme.be)

D'Code de la Route vun den 2 Länner gi respektéiert.



Link op d'Kaarten & GPX vun de 4 Strecken.  
*Lien vers les cartes et les GPX des 4 circuits.*



#### Départs

- Libre : entre 9h30 et 14h00
- Groupé : à 10h00 depuis Ell Eglise (circuits de 20km ou 50km)



#### Circuits

- 4 circuits : 10 km / 20 km / 30 km / 50 km
- Non adapté pour vélos de course
- Sans inscription préalable
- Participation gratuite



#### Animation

- Stand de boissons et petite restauration au point de départ à Ell



#### Plus d'infos

- [kanton-reiden.lu/velo](http://kanton-reiden.lu/velo) - [mobilite@kanton-reiden.lu](mailto:mobilite@kanton-reiden.lu) –  
 Tel. + 352 28 33 40 40
- [attert-tourisme.be](http://attert-tourisme.be) – [info@attert-tourisme.be](mailto:info@attert-tourisme.be)

*Les Codes de la Route des deux pays sont de stricte application.*

KANTON REIDEN TOURISME

# OPRUFF AKTIOUN „HIDDEN TREASURES“

## APPEL À PARTICIPATION – « HIDDEN TREASURES »

### Wat ass är Liblingsplaz am Wëlle Westen?


Am Kader vum Projet „Hidden Treasures“ hu mir d'lässt Joer scho Flyer fir d'Gemeng Biekerech an Useldeng émgesat. Déi kommen net némmen den Tourist:innen ze gutt, mee och de Bierger:innen selwer, déi hei wunnen. Dir fannt se bei eis am TouristInfo zu Useldeng.

Mee och dëst Joer si mir erëm op der Sich no Ärer Liblingsplaz hei am Wëlle Westen!

Hutt Dir Loscht, Är Liblingsplaz am Wëlle Westen an engem perséinlechen Text ze presentéieren? Da maacht mat a setzt lech mat eis a Verbindung. Et ass eng Vi-raussetzung, datt är Liblingsplaz, déi Dir beschreiwe wëllt och fir jiddwereen éffentlech a fräi zougänglech ass. Mir géifen eis freeën eis schéi Region mol emol vun enger ganz anerer Säit weisen. Vun Ärer!

Mir freeën eis, dése Projet zesumme mat lech unzegoen a freeën eis op Äre Retour.

Bei Froe kënnt Dir eisen TouristInfo Wëlle Westen kontaktéieren!



### Quel est votre endroit préféré au Wëlle Westen ?

Dans le cadre du projet « Hidden Treasures », nous avons déjà réalisé l'année dernière des flyers pour les communes de Beckerich et Useldange. Celles-ci ne bénéficient pas seulement aux touristes, mais aussi aux habitants de la région. Vous pouvez les retrouver dans notre office du tourisme à Useldange.

Cette année encore, nous sommes à la recherche de votre endroit préféré au Wëlle Westen !

Aimeriez-vous présenter votre lieu favori à travers un texte personnel ? Alors, participez et contactez-nous ! Il est important que l'endroit que vous souhaitez décrire soit librement accessible à tous.

Nous serions ravis de mettre en avant notre belle région sous un tout nouvel angle : le vôtre !

Nous nous réjouissons de mener ce projet avec vous et attendons votre retour avec impatience.

Pour toute question, n'hésitez pas à contacter notre TouristInfo Wëlle Westen !



TouristInfo Wëlle Westen  
Service Tourisme vum  
Kanton Réiden  
1, am Millenhaff  
L-8706 Useldange

+352 28 33 45  
tourisme@kanton-reiden.lu  
www.visitwellewesten.lu

visitwellewesten  
 visitwellewesten



# Visite guidée am Arboretum vu Réiden

**Sonndes,  
de 25. Mee 2025  
vun 10h00 bis 12h00**



De Joé Trossen, e landeswäit bekannte Bamspezialist, huet viru 45 Joer en Arboretum zu Réiden ugeplant, mat iwwer honnert verschiddene Beem aus alle Kontinenter. Zanterhier bekëmmert hien sech mat vill Energie a Passioun ém dése besonnesche Park. Beem sinn dem Joé seng gréisste Leidenschaft, an hie wëll dës Begeeschterung mat eis deelen. Dowéinst invitíer hie fir eng Féierung duerch sain eenzegaartegen Arboretum a wäert interessant Erklärungen iwwer déi besonneschst Bewunner vum Park ginn.

Uschléissend si mir vrou, lech op e Patt anzelueden.


**Wou:**  
Entrée an der rue de la Piscine zu Réiden (kuerz hannert der Kräizung mat der Rue de Reichlange)

**Präis:**  
10 €/Erwuessener ;  
5€/Kanner (den Erléis geet u Médecins du monde).

**Sprooch:**  
D'Féierung ass op Lëtzebuergesch.

Umeldung erwünscht (bis den 20. Mee):  
[event@kanton-reiden.lu](mailto:event@kanton-reiden.lu)  
T. 28 33 4-040

Kommt mat a loosst lech vun dësem Natur-Schatz inspiréieren!



# Visite guidée Guttlанд.Trail Riedergrënn



Am Kader vum Projet Habitat Ak-tiounsplang - Restauréierung vun aarteräichem Gringland huet d'Fondatioun Hëllef

fir d'Natur a Kooperatioun mam ORT Visit Guttlанд, der Gemeng Ell an de Schoulkanner vun Ell, en neie Wanderwee – de Guttlанд.Trail Riedergrënn - ausgeschafft.

De Claude Schiltz, Geograph bei der Fondatioun Hëllef fir d'Natur an Auteur vum Topoguide „Riedergrënn“, hëllt lech mat op eng geféiert Wanderung iwwert dëse spektakuläre Wanderwee. D'Riedergrënn ass ee wonnertschéint an ofgeschottent Dall, ee vun de schéinsten am Wëlle Westen.

Ennerwee verréit de Claude spannend Detailer iwwer dëst wäertvollt Natura 2000-Schutzgebitt, d'fischt Wisen, déi al Huelwéer, de Schwarze Stuerk a de räiche kulturhistoresche Patrimoine vun désem typeschen Éisleker Wisegrond. Wosst Dir, dass dësen Dall fréier geflészgt gouf?

Kommt mat an entdeckt seng faszinéierend Geschicht a seng eenzegaarteg Natur!



## Informatiounen zur Wanderung

**Distanz:** 9 km

**Héichtenënnerscheed:** 290 m

**Reng Trëppelzäit:** 2h45

**Niveau:** Ustrendg

**Wéini:** Christi Himmelfahrt, den 29. Mee 2025 um 9h00

**Treffpunkt:** Parking vum Bëschkiefch, 500 m südlech vu Ruedt/Ell (Haaptstrooss CR303)

**Präis:** gratis, fakultativ Spend un d'Fondatioun

**Sprooch:** Lëtzebuergesch

**Umeldung erwënscht bis den 20. Mee :**  
event@kanton-reiden.lu  
T. 28 33 4-040

# 9e RENCONTRE DES CONSEILS COMMUNAUX DE LA VALLÉE DE L'ATTERT BELGO-LUXEMBOURGEOISE

Organisée à tour de rôle dans l'une des communes de la Vallée, cette rencontre permet aux élus, directeurs financiers, secrétaires communaux et responsables techniques de découvrir un bout de territoire de la commune « hôte » et de rencontrer les représentants des autres communes pour discuter de nouvelles pistes de projet.

Cette année, c'est la commune de Ell qui a accueilli cet évènement sous la coordination du Parc naturel de la Vallée de l'Attert qui assure l'animation de la collaboration transfrontalière.

La rencontre a débuté par une visite guidée historique très intéressante au château de Colpach. Guidés par l'historienne de l'art Patricia De Zwaef, les participants ont été impressionnés par le nombre d'hôtes célèbres et la collection d'œuvres d'art post-impressionnistes qui ont transité par le château grâce à ses propriétaires. L'histoire et la restauration de la bâtisse classée ont également été évoquées et une balade dans le parc aménagé a permis de découvrir des sculptures réalisées par les plus grands artistes du début du 20e siècle (Maillol, Bourdelle, Despiau, Kolbe)

Le deuxième rendez-vous était fixé à la Aal Schoul, ancienne école superbement bien rénovée en salle de fête dans le village de Roodt. Henri Rasqué, bourgmestre de Ell et Luc Quirynen, bourgmestre d'Attert ont rappelé l'importance de cette collaboration qui a vu le jour il y a une trentaine d'années. Quant à Sylvie Hubert du Parc naturel de la Vallée de l'Attert, elle a rappelé les projets menés tant au niveau culturel, sportif, touristique qu'au niveau pédagogique ou environnemental. (Texte et photos: Parc naturel de la Vallée de l'Attert)





V D A

## Bestellt lech elo nach e Geméiskuerf aus lokaler Produktioun!

D'Kooperativ Vun der Atert (VDA) bedreift hannert der "Waasserfabrik"e grousse Geméisgaart nom Prinzip vun der Solidarischer Landwirtschaft: Dat heescht d'Cliente bezuelen de Kuerf am Virfeld vun der Saison. Doduerch ass et méiglech d'Saison ze finanzéieren a mat der Aarbecht unzefänken. De Client kritt dann all Woch de Kuerf mat deem geféllt wat dann zeideg ginn ass.

Zanter dem leschte Joer huet d'Kooperativ ee kompetente Partner fonnt fir den Ubau an d'Aarbecht am Gaart ze plangen an ze maachen: Den CNDS (cnds.lu).

Si hunn 2024 duerch d'Qualitéit vun de Kierf hir Kompetenz an hiren Asaz fir de Projet bewisen. Gläichzäiteg bréngt des Zesummenaarbecht eng sozial Komponent an de Projet.

D'Saison steet virun der Dir an et ass elo nach Zäit fir d'Bestellunge fir dës Saison.

Dir kënnt och dës Kéier wielen téschent :

- engem klengen (25 €) oder grousse Kuerf (40 €)
- engem Kuerf all Woch oder all 2 Wochen, vu Mee bis November.
- an enger Kéier, an 3 oder 12 Tranche bezuelen.

Wann Dir gesond, frësch, Bio-Geméis aus lokaler a saisonaler Produktioun wëllt iessen, an de Projet énnerstëtzen,; da wiere mir vrou lech ze zerwéieren .

Bestellen a weider Informatiounen op gringgo.lu

## *Commandez encore maintenant un panier de légumes pour la saison en cours!*

*La coopérative Vun der Atert fait produire ici à Beckerich par cnds des légumes bio suivant le principe de l'agriculture solidaire. Choisissez entre*

- *un petit panier (25 €) ou un grand (40 €)*
- *un panier par semaine ou toutes les 2 semaines de Mai à Novembre*
- *à payer en une fois, ou en 3 resp. 12 tranches*

*Plus d'info et à commander sur gringgo.lu.*

**BESTELLT ELO**


[www.gringgo.lu](http://www.gringgo.lu)

**cnds**  
comité national  
de défense  
sociale

[vda@gringgo.lu](mailto:vda@gringgo.lu)

EN DE FR

RAPIDE - SIMPLE - SÉCURISÉ



# Inscrivez-vous et créez votre Energy ID sur **leneda.lu**

Dans le but de permettre à chacun de consulter et d'analyser ses données d'électricité et de gaz, et de simplifier toutes les démarches administratives liées à l'énergie, le gouvernement a confié à Creos le mandat de lancer Leneda, la plateforme nationale des données énergétiques.

Créez dès aujourd'hui votre Energy ID, votre identifiant énergétique unique, sur leneda.lu - **à partir du printemps 2025, l'Energy ID deviendra nécessaire.**



 **Leneda**  
Luxembourg energy platform



A. F. V. A.

# STAGE DE FOOTBALL D'ÉTÉ

DATE

4 AU 8  
AOÛT

Admission

**250 €**

Stade Emile Schlesser  
Bettborn

Inscription par QR-Code et virement bancaire  
Code BIC: BCEELULL  
Code IBAN: LU30 0019 5155 5973 7000



Pour plus d'informations: + 352 621 286 754



1, rue du Lycée L-8508 Redange/Attert

# PORTE OUVERTE

14 juin 2025  
9h00-14h00

MUSIQUE - CHANT -  
THÉÂTRE

Découvrez tout  
le programme  
sur:



Inscriptions des nouveaux élèves du 14 juin au 05 juillet 2025



## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRe

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert

Site: <https://cathol.lu/atertdall>

### ÉQUIPE PASTORALE:

Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 [jjf@scj.lu](mailto:jjf@scj.lu)

Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : [jacques.bagnoud@cathol.lu](mailto:jacques.bagnoud@cathol.lu)

Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : [vincent.billot@cathol.lu](mailto:vincent.billot@cathol.lu)

Père Antoine DO, diacre T : +33 695 24 33 19 Mail : [antoine.do@cathol.lu](mailto:antoine.do@cathol.lu)

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES** Tél: 23 62 10 53 / [atertdall@cathol.lu](mailto:atertdall@cathol.lu) Michèle ASSERAY, secrétaire

**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ

**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES** Tél. 621 686 102

## „FRIDDENSAPPEL UN ALL GENERATIOUNEN“

Ennert dem Patronage vun der Gemeng Useldeng invitéieren d'Enrôlés de Force-Sectiounen aus dem Kanton Réiden: EDF-Comité du Souvenir-Gemeng Useldeng; EDF-Sectioun Préizerdaul-Vichten-Groussbus-Wal; Amicale EDF-Beckerich-Réiden-Ell; EDF-Sectioun Gemeng Rammerich an d'Scoute vu Groussbus

### SONNDES, DEN 11. MEE 2025 OP USELDENG OP ENG FRIDDENSFEIER

#### ALS ERËNNERUNG UN 80 JOERENN YUM 2. WELTKRICH

um 10.15 Auer: Départ vum Cortège beim Useldenger Centre Culturel

um 10.30 Auer: Festmass zu Éiere vun der Tréischterin vu Lëtzebuerg

um 11.30 Auer: Blummennéierleeung virum Monument aux Morts mat

Usprooch vum Burgermeeschter Polo BODEM.

Uschléissend Message vun der EdF-Vertriebung a Frëndschaftspatt am Centre Culturel, offréiert vun der Gemeng Useldeng.



**D'OKTAVMASS** fir d'Paren Atertdall Sainte-Claire & Rammerich Saint-Valentin ass mëttwochs, den 21. Mee 2025.

Mir gin an der Prëssioun op der Place Clairefontaine fort um 17.45 Auer.

**D'Pilgermass ass um 18.00 Auer an der Kathedral.**

Mir als Par fueren zesummen mam **PILGERBUS** an d'Oktav. Treffpunkten sinn:

- 1) 15.30 Auer Rambrouch - Busgare
- 2) 15.45 Auer Bettborn - Busstatioun op der Haaptstrooss „Gemengeplaz“
- 3) 16.00 Auer Réiden bei der Kierch
- 4) 16.15 Auer Schuebecherbréck - Busstatioun (Park & Ride)

Mir sinn fir 21.00 Auer erem zréck. Départ ab Kathedral um 20.00 Auer.

Den Onkäschtebäitrag ass 10 € / Persoun. (*gin am Bus bezuelt*)

**Meld iech w.e.gl. am Parbüro un bis de 15. Mee. Tel: 23 62 10 53**

**11. Mee 2025 um 10.30 Auer ass Kiermesmass zu Näerden mat uschléissender Grieverseenung.**

A découvrir jusqu'au 18 mai !

# *Entrée en matières*

---

**ELLEN VAN DER WOUDE**  
**CARINE MERTES**



**Exposition du 27 avril au 18 mai 2025**

Vernissage le samedi 26 avril à 18h

Fermé le 1er mai

du jeudi au dimanche de 14h à 18h et sur rendez-vous

Moulin de Beckerich  
103, Huewelerstrooss L-8521 Beckerich Tél. : +352 621 25 29 79  
www.kulturmullen.lu

millegalerie 

  
GEMENG  
BIEKERECH

BALADES CONCERTS CONFÉRENCES EXPOSITIONS MARCHÉS & SALONS **SPECTACLES** THÉÂTRE

# The Dansant



**10/05**

**14h30-18h00**

**Entrée : 10€**

**Aschreiwungen  
obligatoresch**

**Info :**

**Tel: 691 510 370**

**info@kulturmille.lu**

**www.kulturmille.lu**

**Op der Biekerecher Millen  
103 Huewelerstrooss L8521  
Beckerich**

**En Danz Mëttet wéi Fréier  
Fir lessen a Gedréngs ass gesuergt**

**Kulturmille**   
Am Geescht vun der Zäit

# Commission consultative du vivre ensemble et de l'intégration

Invite

## “KAFFISKRÄNZCHEN”

**LU** - Kommt op een geselleschen Nomëttag bei Kaffi & Kuch (offréiert)

Brauch dir en Transport ? Fir méi Infoen & Umelldung:

**FR** - Venez passer un après-midi convivial autour d'un café et d'un gâteau (offert)

Avez-vous besoin d'un transport? Pour plus d'informations et inscription:

MME DEVELTER -WEBER ANNE

TEL: 621 624 505



Wéini/ Quand ?

06.05. 2025

Auerzäit/ Heure?

14H30

Wou/ Où ?

MILLESPËNNCHEN

GEMENG  
**BIEKERECH**





# Leeuweler Kiermes

## den 11 Mee 2025

Sonndes

ab 10:00 Auer Moies

den Hämmelsmarsch mat der  
Musek Gemeng Helperknapp

ab 11:00 Auer Apéritif, duerno  
vum Grill a vum Comptoir,  
Crêpes, Kaffi, Espresso, Cappuccino

Musek an Danz mam Orchester Ni Doheem Marco Biondi  
vu 15:00 bis 19:00 Auer

Fir Spaass an Attraktiounen ass gesuergt!





# Déjeuner Solidaire



Les enfants du Monde A.s.b.l.

24 Mai 2025 12h00-14h30

Centre Polyvalent de Elvange  
72 Haaptstrooss 8533 Elvange (Beckerich)

**SOUS LA DIRECTION DU CHEF THOMAS MURER...**

Menu du Chef - 30€ (hors boisson)

Entrée :

Oeuf Mollet croustillant

Petits pois et herbes fraîches

Plat :

Homemade Fried Chicken

Riz Jollof / Sauce au miel

Dessert :

Vacherin glacé

Menu enfant - 12€ (1 boisson incl.)

Sur Réservation

Les enfants du Monde A.s.b.l

PAYCONIQ : 621733916

IBAN : LU731111745300490000

[lesenfantsdumondeasbl@gmail.com](mailto:lesenfantsdumondeasbl@gmail.com)

Fir déi di gären feieren...  
 Fir déi di gären e Patt zesummen drénken...  
 Fir déi di gären laachen, danzen...  
 Fir déi di gären deelen...

**Eist grousst Nopeschfest**

30 Mee 2025  
 19:00 bis 23:30  
 Centre Polyvalent de Elvange  
 72 Haaptstrooss 8533 Beckerich

Jiddereen ka matmaachen :

1. Bréngt eppes mat fir z'iessen an/oder ze drénken
2. A gutt Stëmmung

Eng initiative vu Les enfants du Monde A.s.b.l  
 a fräiwëlleeg Noperen




Les enfants du Monde A.s.b.l



BALADES CONCERTS EXPOSITIONS **CONFERENCE** MARCHÉS & SALONS SPECTACLES THÉÂTRE

# « Pink Floyd, voyage psychédélique ! »

Conférence de  
Laurent Rieppi et Pierre Bartholomé



**06/06**

**20H00**  
**Sall Scheier**

**Entrée : 15€**

**Info :**  
**info@kulturmllen.lu**  
**www.kulturmllen.lu**



Immergez-vous dans l'univers sonore de Pink Floyd ! De leurs débuts dans un Londres psychédélique aux chefs-d'œuvre, découvrez comment Pink Floyd a marqué l'histoire du rock.

**Kulturmllen**   
Am Geescht vun der Zäit



# SAVE THE DATE

## RALLYE



28.06.2025  
Inscriptioun 10h-13h



Wou?  
Biekerech  
Sportshal rue Jos Seyler



Rallye pédestre vun +- 6,5km  
(Beschweär, nemmen bedingt Poussetten-tauglech)



Fir wien?  
Jiddereen, Grouss a Kleng, Gruppe vu 4-6 Leit

Präis?  
15€/Grupp

Umellen?  
per Mail un [reservation@beckerich.lgs.lu](mailto:reservation@beckerich.lgs.lu)  
oder sur place

Permanent lessen a Gedréngs  
an Animationen bei der Sportshal

Am Respekt zu eiser Ëmwelt, biede mir lech wa méiglech mam éffentlechen Transport, zu Fouss oder  
mam Vélo ze kommen. Parkplaze sur place si limitéiert MERCI

## Stage artistique



### Du trait à la couleur

Animé par Françoise Bande

Le trait est la structure, le squelette d'une oeuvre. Il est bien plus qu'un simple outil en dessin; il exprime, il rythme, il traduit la sensibilité. La vie du trait donnera la vie à la peinture. Le poser fin ou épais, délicat, accentué, léger, interrompu, dynamique,...apportera des ambiances différentes et enrichira les créations. Le trait sous-entend la couleur. Celle-ci sera apportée par les crayons, les encres colorées, ou l'acrylique en accord avec le ressenti de l'ébauche.

**Quand ?** : du 28 juillet au 1er août 2025

**Horaire** : 9h30 – 16h30

**Prix** : 220 €/ matériel compris

**Public** : à partir de 16 ans

**Lieu** : Atelier du moulin de Beckerich

**Infos et inscriptions** : +352 621 25 29 79

ou [francoise@kulturmille.lu](mailto:francoise@kulturmille.lu)



# MANIFESTATIOUNSKALENNER

## MEE 2025

✓ 01.05.2025

**Semi-Marathon des 2 Luxembourg**

 Sportshal Biekerech

✓ 06.05.2025 • 14h30

**Kaffiskräncchen**

CCVEI

 Millespënnchen

✓ 10.05.2025 • 14h30 - 18h00

**Thé Dansant**

Kulturmilten

 Biekerecher Millen

✓ 11.05.2025 • 10h00

**Leeweler Kiermes**

Leeweler Duerfleit

 Leewel

✓ 18.05.2025

**LuMuDays (Luxembourg Museum Days)**

 Energie Musée

✓ 20.05.2025 • 14h00 - 20h00

**Chez nous - Café citoyen mobile**

 Biekerecher Millen

✓ 24.05.2025 • 12h00 - 14h30

**Déjeuner solidaire**

Les enfants du monde asbl

 Centre polyvalent lelwen

✓ 30.05.2025 • 19h00 - 23h30

**Eis grousst Nopeschfest**

Les enfants du monde asbl

 Centre polyvalent lelwen



**GEMENG  
BIEKERECH**

**ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH**

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich  
Tél. : 26 669-100 • E-mail : [info@beckerich.lu](mailto:info@beckerich.lu)  
[www.beckerich.lu](http://www.beckerich.lu)

Les bureaux sont ouverts :  
lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

